90, route de Luxembourg
L-9125 Schieren
www.schieren.lu

KlimaPakt – Meng Gemeng engagéiert sech




# Grouss Botz 2022

## Clean-Up Day

AVIS AU PUBLIC

De Schäffen- a Gemengerot, an Zesummenaarbecht mat der Ëmweltkommissioun, invitéiert all seng Veräiner an all ëmweltbewosste Matbierger fir sech un der Grousser Botz 2022 zu Schieren ze bedeelegen.

D'Grouss Botz fënnt den

**Samschden, 19. Mäerz 2022 ab 9.00 Auer**

bei der Entrée vun der Sportshal statt.

Mir starten an de Moie mat engem Kaffi an engem Kichelchen oder engem Stéck Uebst. Dono ginn déi verschidde Strécke fir déi eenzel Gruppen definéiert.

D'Gemeng stellt ee Container hannert der Sportshal op (Dépôt vun der Gemeng), wou den agesammelten Dréck ofgeluede gëtt. Wann op ärem Tour Saache fonnt ginn déi een net kann asammelen oder eng Dreckstut ze schwéier gëtt, da bieden mir Iech drëms dat w.e.g. gutt siichtbar laanscht de Wee ofzeleeën. D'Gemengenaarbechter an d'Pompjeesfrënn këmmeren sech dann dorëms fir dat ewechzehuelen an ze entsuergen.

D'Leit mussen sech selwer ëm hir Händschen a Sécherheetsveste këmmeren!

Mir soen Iech am Viraus schonn Merci fir ären Asaz am Interessi vun der Natur.

**Schieren, den 7. Mäerz 2022**

**De Schäfferot**

ADMINISTRATION COMMUNALE SCHIEREN